

Sprong ass an der Entwécklung vun der Geschicht vun der Lëtzebuurger Sprooch.

Derniewent stellt den Institut national des langues een Zertifikat aus, deen heescht Zertifikat Lëtzebuurger Sprooch a Kultur. Dat ass also net Lëtzebuergesch als Friem-sprooch wéi déi aner Tester, mä dat ass wierklech fir Leit, déi wëlle Lëtzebuergesch enseignéieren. Net also Leit, déi an enger akademescher Carrière sinn, mä mir wëssen, dass eng immens Demande ass vu Gemengen, vun A.s.b.l.en zu Lëtzebuerg an iwwert d'Grenzen eraus, fir Lëtzebuergesch-Coursen ze offréieren. Mir hätten natierlech gär, dass mer do och eng Qualitéit kënnen ubidden. Duerfir soll den Institut national des langues zesumme mat der Uni Lëtzebuerg Coursen offréiere fir Leit, déi elo net e Master maachen am Lëtzebuergesch, mä déi gären e Label de qualité hätte vun hirer Qualifikatioun, dass déi an A.s.b.l.en, a Gemengen an iwwert d'Grenzen eraus kënnen Lëtzebuergesch-Coursen offréieren.

Dann ass profitéiert ginn, fir an dëst Gesetz eppes dranzesetzen, wat eigentlech näischt mam Institut national des langues ze dinn huet, an dat ass d'Kreatioun vun engem Professer vum Lëtzebuergesch. Mir hu Professeurs de langues Däitsch, Franséisch, Englesch, Italienesch an esou weider, mir haten ni e Professer fir d'Lëtzebuergesch. Dee gétt duerch dëst Gesetz geschaf. Et ass also logesch, dass en op deemselwechte Schema opgebaut ass wéi déi aner Professeren. Et ass een, deen also iwwert de Concours rekrutéiert gétt an an eng Carrière E7 kënnt.

Ech wëll just soen, dass et awer en Novum, eng Innovatioun ass an net konservativ par rapport zu deenen anere Professeren, déi rekrutéiert ginn, well dat hei ass deen éischten, deen dann no Bologna-Designatioun rekrutéiert gétt, well an eisen aktuellen Texter hu mer nach ëmmer stoen, dass een, fir Professer ze ginn an der Carrière E7, e Cycle complet vu véier Joer Studië muss hunn. Do ass zwar e Projet déposiert, fir dass dat soll no Bologna ëmgeännert ginn. Vu dass de Professeur de luxembourgais elo nei geschaf gétt, gétt dat direkt een neie Professer mat Master.

Dat sinn also déi zwee Volete vun deem wichtege Gesetz, wat effektiv fir de Centre de langues eng wichteg Etapp ass a senger Geschicht. Ech denken dat ass de Bewäis vum Succès vun all deene Leit, déi an all deene Joren do geschafft hunn, dass mer elo e Quantesprong maachen an em en neien Numm, méi eng grouss Autonomie an eng nei Struktur ginn. Duerfir wollt ech der jëtzege Responsabel, mä och all deenen, déi virdru waren an dat opgebaut hunn, villmools Merci soen an hinnen awer och wënschen, dass se déi héich Erwaardungen, déi a si gestallt ginn, dann och kënnen erfüllen.

Ech wollt nach ee Wuert soen, well esou vill iwwert d'Examen am Lëtzebuergesche geschwat ginn ass, déi elo gemaach ginn am Kader vum Nationalitéitgesetz. Bis elo waren dräi Séancë vun deenen Examen. An all Séance waren ongeféier 100 Leit, déi sech ageschriwwen hunn. Muer ass déi véiert Séance. An am Juli sinn direkt véier Deeg Examen, well eng ganz grouss Demande ass fir Leit, déi déi Exame wëlle maachen, fir d'Duebel- oder d'Nationalitéit ze kréien. Dat ass also och e Bewäis, dass de jëtzege Centre de langues an den zukünftigen Institut national des langues vill Aarbecht huet an e groussen Zoufloss.

Duerfir soen ech lech alleguerter Merci fir d'Unanimitéit, dass dat Gesetz hei, vläicht net haut, awer dann d'nächst Woch ka gestëmmt ginn.

Villmools Merci.

» Plusieure voix. - Très bien!

» Mme le Président. - Merci, Madame Delvaux. Domat ass d'Diskussioun vun dësem Projet de loi iwwert d'Schafung vun engem Institut des langues ofgeschloss, a mir kommen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Do geet et ëm de Projet de loi 5895 iwwert d'Transpositioun vun enger Direktiv 2004/48 iwwert de Respekt vun den Droits de propriété intellectuelle. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jos Scheuer. Et sinn age-

droen als Riedner: den Här Spautz an den Här Kox. Ech weess net, wie sech soss nach wëllt androen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

13. 5895 - Projet de loi portant transposition de la directive 2004/48 CE du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 relative au respect des droits de propriété intellectuelle et portant désignation des tribunaux des dessins ou modèles communautaires, et ayant pour objet de modifier:

- la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et bases de données

- la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

» M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur. - Merci, Madame Presidentin. Et sinn nach e puer Leit hei, an ech hoffen, dass zum Schluss vum Rapport der net manner hei sinn. Dir Dammen an Dir Hären, et ginn esou Saachen, déi verfolgeen een, ech wëll net grad vu Cauchemar schwätzen, mä et ass trotzdeem bal e Cauchemar. Am Joer 1992 hunn de jëtzege Wirtschaftsminister an ech e Gesetz gemaach, wat mer haut ëmänneren.

Déi Aarbecht, déi mer bis elo gemaach hunn, war autrement méi agréabel wéi déi, déi am Joer 1992 gemaach ginn ass. An ech soen dem Wirtschaftsminister duerfir Merci an ech soen dem Här Kaufhold och Merci fir déi Aarbecht, déi hien an dësem Kontext geleescht huet. Mir haten deemools en „Monsieur brevet“, et kann een net soen, „Monsieur licence“ an deem Fall, mä ech mengen, duerch dat hei Gesetz hätt hie sech deen Titel verdéngt. Merci och dem Chambersgreffe, dee vill heizou bäigedroen huet.

Firwat ass dat, firwat déi Mercien, a firwat dat Virspill? Wann ee sech mat Breveten ofgëtt, mat Lizenzen, wann ee sech ofgëtt mam Schutz vun intellektuelle Gidder, dann ass dat ëmmer eng immens dréche Matière, et ass eng ganz spezialiséiert, technesch Matière. Et läit an der Natur vun der Saach, dass an deem Beräich näischt einfach ass, et ass alles komplex.

Wat gétt mam Projet 5895 bezweckt? Majo, mir setzen d'Direktiv 2004/48 ëm, déi zënter dem 29. Abrëll 2004 a Kraaft ass. D'Émsen setzen hätt misse bis zum Februar 2006 geschéien. Mir hunn awer - ech wëll dat elo ewell soen, ech kommen nach drop zrëck - den Avis vum Statsrot den 28. Abrëll 2009 kritt. D'Haaptobjektiv vun dëser Gesetzgebung besteet doranner, fir an den eenzelnen EU-Länner d'Législatioun ze harmoniséieren, fir se méi no beieneen ze féieren. D'Harmoniséierung also vun der Législatioun, déi sech op d'Propriété intellectuelle beziit.

De Schutz vun der Propriété intellectuelle ass ouni Zweifel en Element och vum Succès vun der europäescher Zesummenaarbecht. D'Propriété intellectuelle ass en Instrument, fir d'Kreativitéit an d'Innovatioun

um europäesche Plang wierklech ze fördern. Et ass en absolut noutwendeg Instrument, fir d'Propriété intellectuelle ze schützen, dofir. Ech kann elo net am Detail op dee schrëftleche Rapport agoen an ech wëll en och net hei widderhuelen, mä ech maachen e puer punktuell Remarques dozou.

Fir d'éischt nach eng Kéier eng Remarque zur Émsetzung vun där Direktiv. Dat, well ee soe kann, a well dat ëmmer neess widderholl gétt, et wier d'Schold vun de Lëtzebuurger, wann eng Direktiv net esou séier ëmgesat ginn ass, wéi dat hätt misse sinn. Effektiv ass den Délai ofgelaf. Lëtzebuerg ass veruerteelt ginn den 21. Februar 2008. Ech hat lech gesot, wéini de Statsrot säin Avis ofginn huet. D'Mise en demeure leeft nach bis den 23. Mee 2009. Also huet dat hei Gesetz ënner engem enormen Zäitdruck missen op den Instanzewee bruecht ginn an och duerch d'Chamber kommen.

Mir schaffen, zweetens, net nëmmen ënnert dem Drock, dem Zäitdruck, dee mer duerch eis Prozeduren hunn, mä mir schaffen an dësem Domän och a Koordinatioun mat de Belsch a mat de Franzosen, déi allerdéngs scho méi fréi ëmgesat hunn. Dës Zesummenaarbecht féiert mech zu enger zweeter Remarque, déi ech maache wëll an déi och an der Kommissioun diskutéiert ginn ass. D'Kommissioun huet nämlech festgestallt, dass d'Terminologie an de Gesetzestexten an dësem Domän net uniform ass, ergo och net eendeiteg ass.

Zweetens ass bemierkt ginn, dass d'Kompetenze vun de Gerichter am Kontext vum Schutz vun der Propriété intellectuelle och net kloer definéiert sinn. Dowéinst huet d'Kommissioun net decidéiert, mä do huet d'Kommissioun gefrot, dass d'Regierung den Droit de la propriété intellectuelle codifizéiere soll, fir méiglech Widderspréch ze eliminéieren an, ech zitieren: «de rendre le droit de la propriété intellectuelle à nouveau lisible pour le commun des mortels».

Mech stéiert just nëmmen eent doran: „lisible“ jo, mä „le commun des mortels“, zu deenen zielen ech mech och, awer ech mengen, ech wier iwwerfuerdert. Ech kënnt mer awer virstellen, dass net jiddwereen heibannen déi Meenung deelt. Et ass op jidde Fall a mengen Aen eng gewoten Opfuerderung. Mäi Gott, da musse mer kucken, wéi lisibel dat gétt, wa mer codifizéieren.

Dat heite Gesetz modifizéiert elo zwee Gesetz, déi zu Lëtzebuerg existéieren. Fir d'éischt dat vum 18. Abrëll 2001, an dat Gesetz vum 20. Juli 1992, wat eng fuerchtbar schwéier Gebuert war. Net ëmgesat ginn d'Artikelen eent bis véier, a sechs bis 14 vun der Direktiv, dat brauche mer net. Interessant a wichteg ass awer och eng Deklaratioun vun der Europäescher Kommissioun, dat ass d'Deklaratioun 2005/295, an där déi Domänen opgezielt sinn, op déi sech de Begrëff „Propriété intellectuelle“ applizéiert. Déi kann een noliessen.

Et sinn der am Ganzen eelef. Mä déi Propriétéiten, déi Propriétés intellectuelles, déi opgezielt sinn, sinn net limitativ, dat heescht, do mierkt Der schonn, dass dee Sektor am Floss ass an dass ëmmer Neies derbäikomme kann, an och bestëmmt Domänen wahrscheinlech nach méi differenziéiert musse gekuckt ginn, wéi dat fir de Moment de Fall ass. Ech denken un de Beräich vun der Informatik.

Schlësselbegrëff fir d'Verständnis vun der Portée vun der Direktiv ass sécher de Begrëff „des contrefaçons à des fins commerciales“. An dat muss een... Et ass relativ schwéier ze iwwersetzen, fannen ech. Wann een zum Beispill elo vum Computer e Lidd eroflueet an dat da lauschart, dann ass dat keng „contrefaçon à des fins commerciales“, fällt also net ënnert de Verbuet, deen an dësem Gesetz aus-

geschwat gétt. Hei geet et ganz kloer ëm d'Bestrofe vu Geschäfte, déi mat geknäipte Produkter gemaach ginn; „contrefaire“ heescht jo „ouni Erlaabis eppes no-maachen“.

Den Text dann am Résumé, ganz kuerz, just d'Kapitelen. Am éischte Kapitel ginn déi Domänen definéiert, op déi sech den Droit de propriété intellectuelle bezitt, an da gétt och definéiert, wat en Acte ass, ech zitieren „un acte perpétré à l'échelle commerciale“. Do steet eben dat dran, wat ech scho virdru gesot hunn, an do steet och e kleng Saz dran, dee wahrscheinlech awer och de Riichter vill Spillraum léisst, wann da geklot gétt: Persounen net bestrooft, déi „agissant de bonne foi“. Voilà.

D'Kapitel zwee bezitt sech op d'Artikelen zwee bis 14. Déi beinhalten dann d'Modifikatioun vum Gesetz vum 18. Abrëll 2001, an do hu mer virun allem diskutéiert iwwert d'Ofännerung vum Artikel 74 a vum Artikel 75 an iwwert d'Missiounen vun den zoustännegen Gerichter, déi d'Héicht vun de Strofe kënnen festleeën.

Vläicht generell nach eppes, wat mer net vum Statsrot iwwerholl hunn: De Statsrot hat proposéiert, fir den Term „Tribunal“ dranzesetzen. Mir hunn dat fale gelooss a gesot „Jurisdiction“. Mir hunn den Term „Jurisdiction“ geholl, fir den Term „Tribunal“ ze ersetzen, well am Fong den Term „Jurisdiction“ als Générique ugesi gétt vun allen Tribunauxen, déi duerno méiglech sinn. Ass eng Cour och en Tribunal, etc.? Fir do erauszekommen, hu mer de Générique „Jurisdiction“ geholl.

D'drëtt Kapitel dann, Artikel 15 bis Artikel 21. Do gétt d'Gesetz vum 20. Juli 1992 ëmgeännert, an do gétt et eng wichteg Ajoute, déi do bäikomm ass. Et ass ganz schwéier, eng Iwwersetzung ze fannen dofir: Am Fall vun enger bewisener Fälschung muss op d'mannst déi Zomm bezuelt ginn, déi bei enger legaler Benotzung als Benefiss erauskomm wier. Dat ass e Minimum, deen erreecht gi muss. Also et gétt net eng illimitéiert Strof an de Raum gesat.

D'Kapitel véier bezitt sech op d'Artikelen 22 bis 30. Hei ginn d'Procédures judiciaires opgezielt an d'Rechter an d'Kompetenze vun de Gerichter. An dësem Fall kënnt ee soen: d'Rechter an d'Flichte vun de Gerichter.

Am fënnefte Kapitel gétt prezis gesot, dass den Tribunal d'arrondissement vu Lëtzebuerg als éischt Instanz bei Recours géint eng Verurteilung wéinst Verstéiss géint dat Gesetz, géint de Règlement Nummer sechs, zoustänneg ass, an d'Cour d'appel ass dann och d'Instance d'appel.

Voilà, dat zu dësem Gesetz. Dat war mäi politesche Schwanegeang. Ech hätt mer en am Fong méi schéi virgestallt an der Chamber, an op eng méi einfach, méi volkstümlech, verständlech Aart a Weis. Mä dës Aarbecht war wéi 1992 kee Cauchemar, a wann ee schonn an der Chamber ass a wann ee Gesetzter mécht, da muss een och déi Aarbechte maachen, déi ufalen. Dat ass esou. Op Latäin géif ee soen: Dura lex, sed lex.

Voilà, ech soen lech Merci fir d'Nolauschten.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» Mme le Président. - Merci dem Rapporteur. Éischten agedroene Riedner ass den Här Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» M. Marc Spautz (CSV). - Madame President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Propriété intellectuelle an d'Breveten, wou de Rapporteur, de Jos Scheuer, elo grad hei d'Gesetz virgestallt huet, dat ass d'Direktiv



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber online op

www.chd.lu

vun 2004. En huet och drop higewisen, dass et d'Ëmännerung vum Gesetz ass vun 2001 respektiv vun 1992. Menges Wëssens, Här Minister, si mer elo déi Lescht an der Europäescher Unioun, déi déi Direktiv ëmsetzen. Mä et war awer och eng schwéier an eng komplizéiert Aarbecht, an de Kolleeg Jos Scheuer huet jo och nach eng kéier ënnerstrach, wéi schwiereg et war bei där Matière, déi alles aneschters wéi einfach ass.

Et ass eng héich technesch Matière, an duerfir dem Jos Scheuer Merci fir deen exzellente Rapport, wéi ech jo awer och wëll dovou profitéieren, fir Merci ze soe fir all déi Aarbecht, déi hie gemaach huet an der Wirtschaftskommissioun, an him dann „bonne chance“ wënschen an der Wirtschaftskommissioun zu Stroossbuerg.

Ech mengen awer och, dass se wichteg ass, d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv, an dass dat fir d'Wirtschaft zu Lëtzebuerg eng grouss Bedeitung huet. Grad elo, an där Situatioun, wou mer eis elo befannen, ass et duerfir och wichteg, dass Lëtzebuerg déi Direktiv ëmsetzt, well eis dat och kann hëllefen, wa mer erëm eng kéier d'Kris iwwerwonnen hunn, fir dass mer dann och do preparéiert sinn, fir och an deene Secteure kënnen mat derbäi ze sinn. Domadder ginn ech och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci dem Här Spautz. Den Här Kox huet elo d'Wuert.

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Majo, ech wëll mech deene Wieder vum Här Spautz uschlëssen an dem Här Scheuer Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. En ass ausféierlech virdrun drop zrëckkomm.

Ech wollt just op zwee Punkten agoen, déi eis wichteg schéngen. Dat Éischt ass déi Kodifizéierung, wou mer als Commissioun festgestallt hunn, dass mer awer ganz vill Gesetzter hunn, déi de Brevet an och d'Propriété intellectuelle schützen, an dass et wichteg ass, dass een dat e bëssen an eng Linn kritt, well vun dräi Juriste kritt een da véier Äntwerten, an et kënnt een dann net richtig eraus.

Den zweete Volet ass en aneren, ganz wichtigen aus grénger Siicht. Dat war, dass de Verstouss géint d'Propriété intellectuelle op perséinlechem oder privatem Wee doheem net direkt ka stroferechtlech verfollegt ginn. Dat war eis wichteg, dass dat och an dësem Gesetz ausdrécklech nach eng kéier ernimmt gëtt.

De Statsrot hat jo gemengt dat wëllen ze sträichen. D'Kommissioun huet awer drop gehalen, dat dran ze loossen, well et och op de Verweis vun der Direktiv ass. Ech mengen, et ass de Considérant 14 vun der Direktiv, deen explizit dorobber ageet, an aus eiser Siicht war et ganz wichteg, dat an dësem Gesetz festzehalen.

Duerfir nach eng kéier dem Rapporteur Merci fir säin ausféierleche Bericht, an ech ginn domadder den Accord vun eiser Fraktioun.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci dem Här Kox. Dann huet den Här Castegnaro d'Wuert.

» **M. John Castegnaro (LSAP).** - Madame President, Kolleeginnen a Kollee-gen, och ech wëilt dem Rapporteur Merci soen. Hien huet et blendend fäerdeg bruecht, an där komplexer, komplizéierter Matière e flotte mëndleche Rapport hei ofzeginn, deen e bësse méi einfach a verständlech ass wéi dee schrëftlechen. Mä béides ass noutwendeg, wann ee sech an där Matière e bësse wëllt erëmfannen. Hien huet och bis op 1992 ausgeholl, fir eis kloerzemaachen, wéi komplex d'Matière ass, a wéi laang et dann eben och gedauert huet, a wéi mer da schlussendlech ënner Drock geroode sinn, fir dann zwar als Lescht, mä ëmmerhin nach esou just dat doten ze ratifizéieren.

Et ass jo och dat, wat gëllt, an et ass och gutt, an dat hunn d'Virriedner jo gesot, dass een domat net nëmmen eng Direktiv ëmsetzt, mä dass een och eng legal Basis elo geschafen huet, déi all déi Problemer, déi sech aus där Matière erginn, eben elo behandelt respektiv d'Méiglechkeete schafft do virzegoen, wou muss virgaange ginn. Natierlech ginn ech den Accord och vun eiser Partei.

Mä ech wëll och profitéieren, fir dem Kolleeg Jos Scheuer, dem honorabelen, Merci ze soe fir déi gutt Aarbecht an dëser an och an

anere Kommissiounen. Et ass haut och erëm eng kéier vill iwwer Schoul geschwat ginn. Ech mengen, do si besonnesch an dëser Legislatur Meilesteng gesat ginn, an dorun ass hien och net onschëlleg. An esou gesinn, Jos, honorabelen, en décke Merci och vun denge Kolleeginnen a Kolleegeen an „bonne chance“ an deem Match, deen elo virun Dir läit.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci, Här Castegnaro. An domat hätt d'Regierung d'Wuert. Den Här Wirtschaftsminister.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Madame Presidentin, erlaabt mir, fir een, deen e laange Compagnon de route ass vum Jos Scheuer hei an där Chamber, och e bëssen Nostalgie ze hunn, dass hien elo geet. Besonnesch huet hie Referenz geholl op deen Episod vun 1992. Dat war eppes, wat ech duerno net méi erlieft hunn. Mir hu méintelaang dee Projet de loi ëmgeschriwwen, mä méintelaang, an all Komma!

Sengerzäit, déi Beamten oder dee Beamten, mat deem mer ze dinn haten, war wäit ewech vun de Kompetenze vun deem, wat mer haut hunn. Haut kënnt Der lech op Leit stäipen, déi wierklech eng Kompetenz doranner hunn. Deemools war dat net esou, a mir hunn et ëmgeschriwwen an haten och au départ keng Ahnung. Mä domat war een definitiv, mengen ech, qualifizéiert, fir duerno all kéiers d'Brevetsgesetz kënnen ëmzeänneren, dann, wann et noutwendeg war.

Also, Jos, dat hues de gutt gemeeschtert, an ech muss soen: „Och an dësem Projet hues de dat erëm gemaach.“ An der Chamber geet hei eppes verluer, si si sech es nach net bewost, well si mussen elo ee sichen, deen d'Propriété intellectuelle weiderhin héichhält.

Neen, et ass eng Matière, wou mer heiansdo driwwer laachen, well se sou komplizéiert ass. Mä et ass eng ganz eescht Matière, well se baséiert jo awer trotzdeem op der Iddi, dass, wann ee muer wëllt méi Fuerschung, wann ee muer méi Innovatioun wëllt hunn, da muss een och d'Instrumenter ginn, fir dass een dat, wat een doranner stécht vu Suen, a wat do erauskënnt, och ka schützen. Soss gëtt et kee Sënn.

Duerfir si mer och fiskalesch higaangen, hu fir d'Propriété intellectuelle eng ganz Rei Saache virgesinn, fir dat unzekuerbelen. Wann ee seet: „Mir ginn a Richtung Fuerschung“, dann ass dat ee Saz, mä da muss een direkt hannendru soen: „Da wëlle mer awer och déi noutwendeg Moossnamen huelen, fir dat, wat mer do erausfannen, och gebührend ze schützen.“

Firwat ass et e Problem, fir esou eppes ëmzesetzen hei zu Lëtzebuerg? Mä wann Der dat an Däitschland fir 80 Milliounen Leit ëmsetzt, dann ass et genau déiselwecht Aarbecht wéi hei an dësem Parlament. Et ass grad wéi mat de Steiargesetzer, et ass grad déiselwecht Aarbecht, egal zu wéi vill dass een ass. Mä just, dass een net d'Zuel vu Beamten huet, déi et an Däitschland oder a Frankräich op esou Dossiere gëtt. An duerfir komme mer heiansdo an de Retard.

Mä all déi, déi sech e bësse Suerge gemaach hunn, op wéi vill Retard; am Wirtschaftsministère ass déi Fuerderung..., déi fuerderen ech op ze kucken, wéi vill Retard 2004 war, wéi ech dohinner komm sinn. Ech kann lech matdeelen, dass mer mat deem heite Gesetz elo kee Retard méi bei näischt hunn. Sou dass och déi lescht Konklusiounen, déi mer muer an der Regierung kucken, dass ech déi ka korrigéieren deementspriechend. Ech si frou, well et ass net ëmmer de Mérite vun engem Minister, wann ee fäerdeg bréngt, esou Direktiven ëmzesetzen. Ech hunn ebe gutt Leit dodrop an dat war meng Chance.

Fir de Rescht, Madame Presidentin, ass alles gesot. Ech géif soen, ech hunn eng kleng Erfahrung mat der Kodifizéierung elo gemaach, wat de Code de la consommation ubelaangt. Ech hat gehofft, dee géif nach duerchgoen. Dee war um Ordre du jour vum Conseil d'État de leschten Dënschdeg. En ass urplötzlech erofgeholl ginn an ass elo um Ordre du jour den 19. Ech wollt d'Chamber froen, ob se extra zesumme-kënnt, selbstverständlech, fir de Code de la consommation ze kucken.

Mä ech wollt dem Här Kox soen, dass ech ganz sensibel sinn, fir dat ze maachen. Ech si mer es bewost, mä mir mussen eis just eens ginn. Entweder maache mer eng Kodifizéierung, wou mer soen: „Mir maache se à droit constant. Mir kucke just d'Inkohärenzen erauszehuelen“, an dat ass wierklech dat, wat ech géif proposéieren. A mir fänken net un, de Code bei null frësch ze

schreiwen. Well wann een dat mécht, da soen ech lech: „Dat dauert 30 Joer.“ An do kennen ech nëmmen ee Minister, deen dat gutt packt, deen et 30 Joer packt.

(*Hilarité*)

Duerfir, dat packt awer soss keen.

Duerfir, kommt mir huelen eis eppes vir, wat een och décemment an enger Period ka maachen, déi déi fënnef Joer begräift. A beim Code de la consommation hunn ech gemierkt, dass, wann ee souguer mat villen externen Experte schafft, et nach knapps duergeet. Et ass elo op eng, zwou Wochen nach net duergaangen.

Ech hoffen, dass dat awer an der nächster Legislaturperiod hei déi Chamber ka versichen duerchzekréien. Duerfir, ech sinn dermat d'accord, dat ze maachen, mä kommt mir ginn eis eens, à droit constant, just d'Inkohärenzen an d'Inkonsequenzen opgrond vun der Zerstückelung erauszehuelen, mä net alles frësch schreiwen, well dann huele mer eis eppes vir, wou mer wahrscheinlech d'Lat esou héich leeën, dass mer alleguerten drënner erduerch ginn.

E lescht Wuert. Ech mengen, mir hu Rechnung gedroen dem Souci - an ech mengen, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers sinn och net frou dodriwwer -, dass mer den Effet commercial extra ervirgestrach hunn, dass mer net ufänken, eng Juegd ze maachen, wéi dat elo e bëssen de Fall ass a Frankräich. Loosse mer net iwwerdreiwen.

Ech mengen, mir hunn hei eng Approche geholl, déi verstänneg ass, a wann eng kommerziell Notzung ass, da soll et och bestrooft ginn. Mä mir sollen net eppes opféieren, wann elo ee sengem Cousin eppes eriwvergëtt, wat en erfolgelueden huet. A Lëtzebuerg hu mer ëmmer probéiert, verstänneg an esou Saachen ze sinn. An ech sinn och frou, dass mer an der Kommissioun dee Wee gaange sinn.

Nach eng kéier, wéi gesot, Merci der Kommissioun, déi déi vill Aarbecht hei gemaach huet, an dem Lex Kaufhold a senge Leit. A fir de Rescht sinn ech frou, wa mer dat hei dann elo iwwert d'Bühn hunn, well dann hu mer dee leschte Projet, wou ech e bëssen hannendra sinn, wat d'Direktiven ubelaangt, hanneru mer.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci dem Här Minister. Domat wär d'Diskussioun vun dësem Projet de loi ofgeschloss. An da komme mer zu deem leschte Projet de loi haut um Ordre du jour. Dat ass deen iwwert d'Realisatioun vum Campus scolaire zu Miersch fir den Neie Lycée a fir de Lycée technique pour professions éducatives et sociales. Den Här Clement ass Rapporteur an ech ginn dem Här Clement d'Wuert.



14. 5991 - Projet de loi relatif à la réalisation du Campus scolaire de Mersch pour le Neie Lycée et pour le Lycée technique pour professions éducatives et sociales par le biais d'un partenariat public-privé

Rapport de la Commission des Travaux publics

» **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.** - Merci, Madame Presidentin. Dee Projet de loi iwwert de Bau vun deem Schoulcampus zu Miersch beim Agrocenter, iwwert dee mir haut ofstëmmen sollen - mä mir wäerten dat awer net maachen, an dat aus deene bekannte Grënn -, ass u sech kee gewéinleche Bauprojet, wéi mer se bis elo ëmmer haten, mä deen éischten, deen ënnert der Prozedur vun engem PPP, engem sougenannten „private public partnership“ wäert realiséiert ginn.

Duerch dee PPP schléisst de Stat e Kontrakt mat engem private Promoteur respektiv Bauträger of, deen domadder souwuel fir d'Konzeptioun, d'Realisatioun, de Finanzement an d'Exploitatioun vum Campus Miersch responsabel gëtt.

An dësem Sënn huet de Bauteminister de virleienden Text den 12. Februar 2009 an der Chamber déposéiert. De Statsrot huet säin Avis de 5. Mee 2009 ofginn. An der parlamentaresche Bautekommissioun vum 26. Mäerz 2009 gouf ech zum Rapporteur vum Gesetzesprojet genannt. An der Sëtzung vum 5. Mee goufe souwuel dëse Gesetzesprojet, den Avis vum Statsrot an de schrëftleche Rapport vum Rapporteur ugeholl.

Wat d'Prozedur ugeet, gOUNG alles, dat muss ech zouginn, e bësselche séier. Mä ech gesinn dëse Projet, och wann e keng sechsdausender Nummer huet, dach awer als e Projet, dee sech ouni Problem an den Antikrisepak areie léisst. Dofir och d'Urgence an der Prozedur vun dësem Projet. Ech wollt dat awer soen, firwat dat alles esou séier gaang ass.

(*M. Jos Scheuer prend la Présidence*)

Elo ass et erëm „Här President“. Elo muss ech Uecht doen, net dass ech deen elo ver-nennen.

D'Iddi, fir den technesche Lycée fir d'Erzéiungs- a Sozialberuffer souwéi den Neie Lycée ënnert der Form vun engem PPP ze bauen, ass vum Premierminister a senger Ried zur Lag vun der Natioun den 2. Mee 2006 ugekënnegt ginn. Ufanks 2007 ass dunn eng Étude de faisabilité an eng Étude économique ausgeschafft ginn, där hir Konklusiounen mir den 19. respektiv de 26. Juni an der Finanz- a Bautekommissioun dann och presentéiert kruten. De 6. Juli huet de Regierungsrot dunn décidéiert, de Bau vun dem Campus Miersch iwwert de Wee vun engem PPP auszeschreiwen.

D'Chamber huet hir Zoustëmmung zu dëser neier Prozedur duerch eng Motioun ginn, déi den 12. Juli 2007 ofgestëmmt ginn ass, esou dass deen éischten Appel de candidature den 28. August 2007 och konnt lancéiert ginn.

Dräi Groupementer sinn an den zweeten Tour komm. An déi definitiv Offer gouf den 3. Oktober 2008 agereecht. Den Zouschlag kritt schliesslech dee Groupement, deen déi wirtschaftlechst Offer agereecht huet oder hat.

Den definitiven Zouschlag kann awer eréischt geschéien, nodeems d'Gesetz hei ofgestëmmt gouf an domat de Baute-minister dann och autoriséiert gëtt, fir den Zouschlag zu dësem Bauprojet ze ginn.

Well et deen éischte Projet vun dëser Aart ass, wëll ech eng kéier kuerz op d'Avantage vun deem öffentlech-private Partena-riat agoen.

1. Als Éischt sief awer emol drun erënnert, dass eng vun de Missiounen vum Stat ënner anerem déi ass, d'Gebaier vun öffentlechem Interessi, esou wéi, zum Beispill, d'Schoulen oder d'Spideeler, dass en déi muss bauen. Dat huet de Stat an der Ver-gaangenheet ëmmer an Eegeregie ge-maach. An Zukunft soll awer, wann d'Konklusiounen aus dësem Projet dann och positiv ausfalen, vläicht méi verstärkt oder méi dacks op privat Partner zrëckgegraff ginn. Duerch e PPP léisst de Stat also öffent-lech Gebaier vu privaten Entreprisé bauen a ka se duerno dann och benotzen.

D'Virdeeler vun esou enger Partnerschaft, denken ech, sinn emol déi heiten: 1. E PPP erméiglecht et, méi séier an, mir denken an hoffen och, méi bëlleg ze bauen. Ausser-deem si privat Entrepenen oft méi dyna-mesch a vläicht méi kreativ wéi de Stat selwer, well eng privat Firma einfach mat dach aneren Décisiounsweeër ze dinn huet. Décisiounsweeër, déi an der Regel och méi kuerz a méi séier dierfte sinn.

2. Am Kader vun engem PPP gëtt de Pre-finanzement, d'Konzeptioun an de Bau vun engem Projet vun engem eenzege Groupement iwwerholl, deen dann och fir d'Exploitatioun an d'Gestioun vun der Infra-struktur fir déi nächst 25 Joer responsabel zeechne muss. Haut läit d'Responsabilitéit an d'Qualitéit vum Produit oder vun där ge-leeschterer Aarbecht bei zwee respektiv zéng Joer.

3. Déi privat Firma, déi jo während 25 Joer zrëckbezuelt gëtt, huet all Interessi, fir eng gutt Qualitéit vum Bau a vun den tech-neschen Installatiounen ze suergen. An zwar op d'mannst esou laang, bis hire Kontrakt, dat heescht 25 Joer, ofleeft. Ausserdeem erméiglechen am Kontrakt festgehalen Strofen an e Bonus-Malus-System, dass de Stat als Benotzer e perma-nenten Entretien an en optimale Fonction-nement vu sengen Infrastrukture garantéiert kritt.

4. Well de Stat beim Bau vun engem PPP-Projet keng finanziell Garantien hannerleet, ass de Finanzgroupement, dee mat der privater Entreprise zesummeschafft, ge-